Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8

Référence : 18/2025

- 9 JAN. 2025

A traiter par :

Copie à :

N°1737
Entrée le 08.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.01.2025

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Ëmmer méi Länner an der EU, ewéi zum Beispill Dänemark, hunn eng Pestizid-Steier agefouert mam Zil de Gebrauch vum Herbizid, Insektizid a vum Fungizid ze decouragéieren. Dëst kéint och méi Baueren dozou hëllefen op Bio Landwirtschaft ëmzeklammen. An Dänemark huet dës Steier zu enger laangfristeger Reduktioun vu 36% beim Gebrauch vu Pestizide gefouert. Mat den zousätzleche Recettë ginn da Fuerschungs- a Biodiversitéitsinitiative finanzéiert. Dëst Konzept huet sech als effikass gewise soudass verschidde Länner elo gedenken an eng änlech Richtung ze goen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Ass der Regierung dat dänescht Konzept bekannt a wei steet se dozou?
- Gedenkt d'Regierung en änlechen, un eis national Besoinen adaptéierte Model, anzeféieren?
- Falls jo, wéi géif d'Regierung sech dëse Model virstellen?"

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Fernand ETGEN
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Emwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1737 vun den éierbaren Deputéierten Gusty Graas a Fernand Etgen**

- **Ass der Regierung dat dänescht Konzept bekannt a wéi steet si dozou?**

Jo. D'Regierung huet sech zu Lëtzebuerg fir en anere Modell entschloss a promouvéiert d'Reduktioun vum Asaz vu Planzeschutzmëttel zu Lëtzebuerg duerch verschidde fräiwëlleg Mesuren aus dem Plan Stratégique National ewéi zum Beispill Echoschemes, Agrar- Ëmwelt- a Klimamoossnamen an notamment och durch Färderung vun der Biolandwirtschaft.

- **Gedenkt d'Regierung en änlechen, un eis national Besoinen adaptéierte Model anzeféieren?**

  Neen

- **Falls jo, wéi géif d'Regierung sech dëse Model virstellen?**

  /

Lëtzebuerg, den 31. Januar 2025
(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau